

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Gesondheet weiderzeleeden.

An all Situatioun, an där sech eng gewëssen Unzuel u Léit an engem zouene Raum befannen, besteet een erhéichten Ustierchungsrisiko fir eng Infektioun mam Covid-19 Virus - esou och am ëffentlechen Transport.

Doduerch, dass d'Bussen an d'Zich aus dem Land all Dag dausende vu Persounen vun A no B bréngen, kann et am Fall wou ee Contact tracing muss gemaach ginn, wichteg ginn, ze wëssen, mat wéi engem Bus oder Zuch Kanner an Erwuessen ënnerwee waren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Gëtt et een uniformiséierten Froebou, deen vun der Santé agesat gëtt, fir Covid-positiv Léit Froen ze stellen am Kader vum Contact Tracing?
Wann jo, wat fir Froen stinn op dësem Froebou?
Wann net, wéi gëtt d'Qualitéit vum Tracing garantéiert?
2. Gi Persoune während dem Contact Tracing systematsch gefrot, mat wéi engem Bus oder wéi enger Zuchlinn si gefuer sinn?
3. Vue ministerieller Säit aus gouf des Lescht oft widderholl, dass sech d'Leit an de Bussen net ustieche géifen. Wéi kann de Minister ausschléissen, dass ee sech am Bus ustécht?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Député





Luxembourg, le 8 octobre 2020

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
Luxembourg

REÇU
Par Alf Christian , 08:42, 09/10/2020

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse commune à la question parlementaire N°2890 du 23 septembre 2020 de l'honorable député Monsieur Sven Clement, concernant le contact tracing dans le transport public, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre de la Mobilité
et des Travaux publics

**Gemeinsam Äntwert vum Här François Bausch, Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten an der
Madame Paulette Lenert, Gesondheetsministesch, op
d'parlamentaresch Fro n° 2890 vum 23. September 2020 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement
zum Sujet „ Contact tracing dans le Transport public “**

Zanter dem 20. Abrëll gëllt am ëffentlechen Transport d'Maskepflicht sou wéi och selbstverständlech *d'Gestes barrière*.

Déi ëffentlech Verkéiersmëttel gi reegelméisseg gebotzt an desinfizéiert, hei iwwerhëllt de Mobilitéitsministère en Deel vun de Käschten, sou wéi et an der Äntwert vun der parlamentarescher Fro n° 2285 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen scho gesot gouf. D'Personal am ëffentlechen Transport hält sech natierlech och un d'Regelen déi am Kader vun der sanitärer Kris um Regierungsniveau opgestallt goufen.

De Contact tracing geet systematësch, Stonn fir Stonn, mat der betraffener Persoun hier lescht 48 Stonnen virum Test oder den éischte Symptomer duerch a stellt och Froen iwwert d'Benotzung vum ëffentlechen Transport. Dobäi gëtt och gefroot mat wat fir enger Bus- oder Zuchlinn d'Leit gefuer sinn.

Iwwert déi lescht Méint sinn eis dobäi nie Clustere vun Infektionsfäll am ëffentlechen Transport opgefall. Formell kann een sou eng Infektioun natierlech nie ausschléissen, falls dat awer e gréissere Problem wär, géif dat sécher opfalen, genau esou wéi mir och Clusteren op anere Plazen opdecken (am Familienkrees oder bäi der Aarbecht).